Interview vun engëm Member vum MYCL.

An dëser Editioun den Marco Feltgen

am Interview mam Josy Popov fir den MYCL.

MYCL*: Här Marco Feltgen, wéini sidd dir gebuer, a wou sidd dir an d'Schoul gaang?*

MARCO FELTGEN: Ech sinn 1925 gebuer, an hunn nach een Brudder, an deen ass zu Cannes Antiquaire. Ech sinn an der Staad an d'Primaire Schoul gaangen, vis-a.-vis vun der Post, déi Schoul exsistéiert haut net méi, dat woar do wou haut de Parking ass, an d'stättesch Bussen hiren Arrêt hunn. An duerno sinn ech an de Colleisch nievent der Kathedral gaangen, an dunn an d'Industrieschoul um Lampertsbierg. Ech hunn zu Lëtzebuerg an der Avenue Monterey bei mengen Grousselteren gewunnt, well mein Papp war jo zu Köln, als lëtzebuergeschen Konsul, an Industriellen. Hien huet matt Minette an Stol gehandelt. Mai Papp wollt awer nët datt ech nemmen an Daitschland an d'Schoul géif goen, an dofir sinn ech 1935, op Lëtzebuerg komm fir hei an d'Schoul ze goen. Haut hunn ech d'Geschäft vu mengem Papp, dat heescht d'Representatiounen vun engem belschen an engem franséischen Stolwierk, wou ech nach derfir schaffen, an dofir sinn ech vill ënnerwee, an Daitschland, der Schwaiz, an Eistraich.

MYCL: *Dir sidd jo och Hobbyjournalist?*

MARCO FELTGEN: Absolut Hobbyjournalist, an dofir hunn ech vun ënnerwee, mat mengem Schëff "Clochard", dat sinn elo 33 Joer, all Joer een Rapport gemaach iwwert déi Reesen, an déi sinn och all publizéiert ginn a verschiddenen Zaitschréften, dorënner war fir d'eischt Motorboot Stander, Boote, an Skipper. Wëss der ech hat eemol anzwousch eng Ried gehalen, an do sot ee Journalist: "Sot emol dat do ass richteg gudd, wëll der dat vlaicht nët emol op Pabeier brengen?" 0, sot ech, ech kann der dat jo mol schecken, an dann kanns de jo mol gesinn wat dat gëtt. An hien huet dat zwee Méint duerno publizeiert, an dat hat ee grousse Succés, an ësou sinn ech derbai bliwen. Ech maachen dat haut och nach, awer wéi meng Fra ee Schlag gemat huet, hunn ech alles opginn, an zenter 8 Joer lounen mir eis ee Boot a Frankraich, wëss der, déi Schëffer, déi een do lounen kann, sinn ganz agreabel, zemol fir eng Persoun déi eng Grimmel handikapéiert ass. Déi sinn vill méi praktesch wéi déi, di mir esou kafen.

Den Marco Feltgen an seng Madame bei der Feier vum MYCL am Hafen zu Schwéidsbengen fir d' Schëfferseenong 2008.

MYCL*: Wéi sidd dir dann bei den Waassersport komm?*

MARCO FELTGEN: Dat ass eng ganz einfach Geschicht, mai Monni, den Här Luja aus der Groussgaass, deen hat ëmmer een Paddelboot, an domat si mir schons 1936 - 37 ob d'Musel gefuer, an sinn do d'Musel erof gepaddelt.

Dat heescht mir sinn mam Jangeli, mam Zuch, deemools op Reimech gefuer, an hunn do d'Paddelboot an d'Waasser gesat. Ech hu mech als klenge Bouf vir an d'Boot gesat, an dann si mer d'Musel erof gefuer bis op Greiwemaacher oder esou.

Et gouffen deemools jo nach keng Schleisen, an da mam Zuch erem hannescht vu Waasserbëlleg aus. Wann ech mech nach gut kann erënneren, oder mam Bus. An dann erëm an d'Staad zreck. Dat war deemools.

1956 hun ech zu Köln Marienburg gewunnt, dat as een Quartier direkt um Rhein, an mir haten en Noper, deen hat een Boot do leien. Dat huet mech interesséiert an ech hun mir och esou een Boot baue gelooss. Dat war aus Palatal, engem Polyester vun der BASF, eng renoméiert Entreprise um Rhein. Deemols war dat eppes ganz neies am platz vum Holz. Dei Werft um Neckar déi d'Boot gebaut huet, huet een Porsche Industriemotor dragebaut.

Porsche huet deemools fir d'Industrie, Motoren fir Trackteren gebaut, deen Motor hu mer doranner gebaut, an domadder sinn ech dunn um Rhein gefuer. Ech hat herno och eng Remorque, dei hate mer selwër gebaut. Deemools an de 50er Joren gouf et jo nach keng Remorquen.

An herno hunn ech een kennen geleiert, dee war Coureur Hors-bord an den huet mech invitéiert op de Championnat d'Europe ze kommen op de Starnbergersee ënnen un München. Ech hun him geänwert: *„Ma dat geng mech interesseieren, ech kommen och dohinner“*. Du sinn ech dorower gefuer, an do huet dee mer gesot, wanns de schon dorower kënns, da kanns de mer ee Gefalen maachen, da fiers de iwer Como, an da brengs de mer do nach ee Rennboot mat, an esou sinn ech dunn an déi ganz Saach do erakomm.

Meng éischt Course war zu Mons op dem Grand-large, dat war déi éischt Course, an duerno kummen dann déi Coursen Budapest, Barcelona, Monaco, enfin a ganz Europa. Vun all deenen Coursen, hunn ech ongefeier 140 Coupen vum éischten bis och déi läscht.

Wéi ech eng Kéier zu Düsseldorf am Yachtclub giess hun, war de Comitee just am gang ëppes op hollännesch an op franséisch fir ee Rally auszeschaffen. Du huet de President gesot: *"O dat kann de Marco Feltgen man"* (ech war deemols Gérant fun enger Dépendance vun engem belschen Stolwierk zu Düsseldorf). Wéi deen gesinn huet dat déi Traduction fir mech eng Kannerei war, sot hien, *"Ech* muss *nächst Woch op Bréissel fueren, an do* ass *eng Reunioun vun der Union Intemationale Motonautique, an ech kann awer kee Franséisch. Hu dir keng Loscht mat* ze *fueren"?* A wëll ech hu missen all 8 bis 10 Deeg an d' Belsch fueren an dat Stolwierk, du sinn ech du mat him dohinner gefuer, an do huet hien gesot wéi mir een Dag do waren: *"Oh ech fueren erëm zreck, elo mëss du dat eleng, du brauchs mech jo nët, du kenns jo dat alles wéi dat funktionéiert".* An esou sinn ech dann doranner komm.

Interview mam Marco Feltgen

An duerno sot de President vun der Internationaler Sportkomissioun, dat war ee Fransous, ee gewëssen Leon Rousset. *"Ech maachen dat nët méi, wees de wat, ech proposéiren dech als mein Successeur, an der Union Intemationale Motonautique".* An do waren dann, wéi dat ëmmer esou ass, an den Intemationalen Gremien, Gruppéierungen vun deenen verschiddenen Länner, wéi d'Englänner mat deene Nordic, an d'Italiener mat de Spuenier, asw, do stungen déi all vis-a-vis, an et waren 3 Propositiounen, an du sot de belsche President vun der UIM: *"Wann de Chef fun der Sportcommissioun den Monsieur Feltgen proposéiert,* (hien wosst dat ech lëtzeburger sin) *dann huet deen och d'Responsabilitéit, datt deen dat och ka maachen".* An ë esou sinn ech dann deen aneren Dag gewielt ginn, an esou ass dat successif weider gaang, an esou war ech dunn de Représentant vun der Daitscher Federatioun, an herno och nach ewéi d'Union Internationale Motonautique op Monaco eriwer gewiesselt ass.

Mä do hun ech eng ganz komesch Geschicht ze erzielen.

Mir waren eemol zu Cannes am Hotel Martinez, an no enger Reunioun gouwe mer vum Buergermeeschter inviteiert, a well ech jo de President war, sutz ech niewent him, an do war och nach een aneren Här, dee niewent mir gesiess huet. An do war esou ee Gespréich, an dunn huet ee gesot: " *Oh ech muss awer muar schaffen goen.“* An do huet den Här gesot: *"Quoi, qu'est-ce que tu fais ?*" « Je *dois travailler demain.* » «*Quoi ? Est-ce que le travail n'est pas une occupation, pour des gens qui n'ont rien à faire ?* ». Do hunn ech herno gefrot, wien war dat, datt deen esou Saachen seet. A mir gouw gesot dat wir de Comte de Rohan-Chabot, eng ganz raich a bekannt Famill, an de braicht néischt ze schaffen, den hätt 14 Schlässer, deen haat eleng ee Buro mat 17 Leit, fir döi ganz Administratioun.

Bon, dat war esou eng vu mengen Saachen, déi ech esou erlieft hunn. An esou ass dat weider gaangen, ech war du nach an aner Commissiounen, ewei Touristique.

Ewei dann Permisen agefouert si ginn, do hunn se gesot: *"Abee mat deenen Permisen dat ass esou eng Saach, do gees du dohinner".* Du sinn ech mam President vun der Daitscher Federatioun, deemools war dat nach zu Bonn, an de Ministère de Transport gaangen. Mä de Ministere de Transport, déi wollten déi Permisen nët maachen. Si soten, dat ass eng Affaire sportive, mir privatiséieren dat. An dat war ganz gudd, well mir haten an eisem Club zu Köln schons esou eppes ewei ee Permis gemaach, mee privat. Mee et gouf nach keng Bicher, et gouf nëmmen Bicher fir de Voile, awer keng vir Motorbooter, an esou hunn ech mech dohinner gesat, an hunn dat dunn op de Pabeier bruecht. An do huet een dat erëm geliess, a gesot, mee, dorausser maache mer ee Buch, an esou koum dunn dat eischt Buch fir d'Permisen fir Motorbooter. An dat Buch ass nach ëmmer urn Marché, an der 17ter Editioun.

Esou, a wéi d'Musel op gaangen ass, mat de Schleisen, dunn hunn ech dann een Tour gemaach, vu Köln erop iwwer Metz, ma do waren déi Schleisen nach net färdeg, an do gouf et fir no uewen ze fueren de Camifermo, (Canal des Mines de Fer de la Moselle) dat sinn déi kleng Schleisen, déi haut nach do existéieren bis ob Nancy dorop.

An do sinn ech do eriwwer gefuer, an och nach déi aaner Sait, erop wou den Ascenseur vun Arzviller ass, deen war nach net färdeg, du si mer déi aner Schleisen gefuer, dann erof iwwer Strossbuerg, a well jo do an der Geigend, d'Choucroute-garnie hiert typescht National lessen ass, a well ech dé ganz Rees dokumenteiert hunn, hunn ech mer geduecht, dat als Iwwerschreft den "Tour de la Choucroute" ze nennen. An esou hunn ech dunn dorausser ee Buch gemaach, an et "Dieselöl und Sauerkraut" genannt. An ech hun duerno nach ca 300 Satiren iwert de Motoryachtsport geschriwen, an 40 Reportagen vu menge Reesen op Wien, Parais, Isle of Man, Berlin, Canal du midi, etc.

MYCL: ***Eng aner Fro Har Marco Feltgen, wei laang si dir schons bei eis*** **am** ***Motor Yacht Club?***

Marco Feltgen: Jo ech kann dat nët richteg soen, ech hunn dat gesicht, et muss 1966 gewierscht sinn, well ech war zu Reimech, an do gouf et jo nach guer keen Schwebsange, an de Buergermeeschter vu Reimech, dee war jo och glaichzaiteg Clubs President. An de Victor Nieder, deen hat eng Metzlerei, an dat war ee groussen Waassersportler, dee war och ganz bekannt am Wasserski, an deen huet du gesot, ech soli an de Club kommen, an dat hunn ech dunn och gemaach, an esou war ech sucsessiv och ëmmer zu Reimech. Deemools war ech och derbei mat mengem Schëff, wei den eischten Bapteme gemaach gouf.

Déi alleréischten Schëfferseenong 1966 zu Reimech am klengen Port
(Schwéidsbeng woar nach net gebaut).

Den Marco Feltgen an den Abbé Groff
bei der Schëfferseenong 2007 zu Reimech.

MYCL*: Eng aner Saach Här Marco Feltgen, dir sidd jo elo iwwer 40 Joer bei eis am Club. Wat gefällt iech gudd am Club, a wat géif dir als Member besser maachen?*

Marco Feltgen: Also ech wees net esou direkt wat ee ka besser maachen. Ech fannen et gudd esou wéi et elo ass, och mat de Permisen, ech héieren jo och wann d'Leit hei laanscht kommen, sief et mat de Booter, oder, de Polsch ass jo och net wait hei ewech, an déi mer dann esou all meigleches erzielen. Dat anert ass eppes wat ech och schons engëm Club gezielt hunn, dat ass, et gëtt jo nëmmen eng bestëmmten Zait wou ee Boot fiert, an dat ass d'Halschecht vum Joer, an déi aner Zait, do soll een Excursioune maachen, dohinner wou nët all Mensch hifiert, fir ze kucken wat et do gëtt. Zum Beispill, den Ascenseur vun Arzviller, oder de Plan Incliné teschent Bréissel a Charleroi, an déi ganz nei, déi ganz grouss Schleis op dem Canal du Centre, an och op Hoffelt bei de Souterrain de Buret. (Reportage du président F. Feltz dans l' Almanach 2007). Oder mam Bus oder mam Zuch wéi dir et jo och maacht, op Parais oder op Düsseldorf an d' Ausstellungen, esou Saachen, wann ee soss naischt ze dinn huet um Wasser.

MYCL: ***Dir hut jo och schons e bëssen déi Rumeuren héieren iwert déi nei Legislation fir d'Permisen, wat halt dir dofun?***

Marco Feltgen: Dee Rot deen ech ka ginn ass, halt iech un d'Fransousen, well déi hunn déi meeschten Erfaarung doranner, déi hunn jo alles, d'Mediterranee, den Atlantik. An wann vu Bréissel ëppes kennt, da sinn et si et mat hirer expérience déi dee meeschte Poid abrengen. Déi wessen vu wat se schwetzen, wëll se sinn zentral organiséiert, wat an Daitschland zb. an der Registration vun de Booter absolut nët de Fall ass. En plus sin d'Engländer, Dänen, asw, iwerhabt nët intresséiert de Sport ze bürokratiséieren.

MYCL: ***Dei lescht Fro déi ech dann hunn, kennt dir mir eng kleng Anekdot erzielen, déi iech gudd gefall huet?***

Marco Feltgen: Dei beschten Anekdoten sinn secher dei gelungenst Pannen déi een erliewt. Meng ass déi elei:

Ech hun op der Musel déi eischt Motorbootscoursen organiséiert. Dat war eng ganz bedeitend Affair. Et waren 60 Coureuren aus 7 Läanner op dem Programm.

Eng ganz Équipe vun der Televisioun war 3 Deeg virdrun op der Plaz, fir deemols life ze iwerdroen. Dat war an de 60er Joeren. Do haten se dunn zwee Tierm opgebaut, an d'Technik déi haten en decken Kabel bis erop bei de Won geluet, dee stung uewen op der Strooss, a Freides hunn se dunn een Test gemaach.

Samschdes mueres, deemools gouf et nach een Zuch deen do laanscht gefuer ass, Moselsaufbähnchen hunn se en genannt, dat war esou een Zuch esou eng Grimmel wei eisen Jangeli, an deen ass awer nët mei gefuer, si waren am gaangen en ofzebauen. An Samschdes mueres kumm dann do esou ee Bauzuch, an deen ass dunn mueres um 7 Auer do iwwert deen decke Kabel gefuer, do war déi Saach erleedegt.

Do sot ee vum ZDF, ma mir hunn dach nach een decke Kabel zu Mainz leien, ma wéi kréie mir dee Kabel séier heihin.

Du sot ech dat wir ganz einfach, mat dem Porsche Carera vun engem Courreur. Déi sinn dunn mat der Police op Mainz gefuhr, oder besser gerannt, fir de Kabel sichen ze goen.

An dar Zait hun ech dunn mat allem wat ech hat versicht d'Zait mat Interviewen, zesummen mam Frank Elstner, a mat deenen Coureuren ze iwerbrecken. Ma et ass nach gut gaangen.

MYCL: ***Här Marco Feltgen, ech soen iech Merci fir déi Zait, déi der iech geholl hutt, fir desen Interview.***

PS: D'Redaktioun entschellecht sech fir deen een oder aaneren Tippfeeler deen sech an den Text ageschlach huet.

Josy Popov

Motorisierter Wassersport: Marco Feltgen in Belgien siegreich

Herr Marco Feltgen ist zweifellos ein luxemburgischer Pionier auf dem Gebiet der Motorbootrennen, eine Rennsportart, die hierzulande noch vollständig unbekannt ist, obschon sie allergrößte Reize aufweist. Am vergangenen 18. Mai gewann unser Landsmann in Mons (Belgien) die Coupe „Championnat de Belgique". Bei dem äußerst scharfen Dreieckkurs auf dem „Grand Large" belegte er in den beiden ersten Läufen jeweils den 2. Platz und konnte dann im dritten Lauf mit einem wahren Husarenritt, bei dem die Zuschauer förmlich mitgingen, seine Gegner hinter sich lassen, was im Rennfahrerjargon mit „abseifen" bezeichnet wird. Marco Feltgen holte dabei soviel Zeit heraus, daß er das Rennen als Sieger beendete. Er fuhr ebenfalls die schnellste Runde mit 75,3 bei einem Gesamtdurchschnitt von 71,27, was bei einem Dreieckkurs als Spitze dieser Sportart zu bewerten ist. Marco Feltgen beteiligt sich bereits seit längerer Zeit an allen Rennen in Europa und ist als Inhaber der „Licence Internationale de Pilote" der „Union Internationale Motonautique" für alle Klassen wohl der einzige Luxemburger, der sich im Motorbootrennsport einen Namen gemacht hat. Leider gibt es im Großherzogtum keine Möglichkeiten, einem derartigen Rennen beizuwohnen, da sich die bekanntesten Rennstrecken in Monaco, Berlin, Warschau, Paris, Profondville, Como und Mailand befinden. Marco Feltgen für seine Glanzleistung in Mons jedenfalls unsere herzlichsten Glückwünsche!

1956

LUXEMBOURG

www. mycl.lu

© 2008